



## E klénge Compte rendu “Bass du Mega”

vum Gespréich vun der Mme Hetto matt de Schüler am LHCE 30.6.2010

Den 30.Juni wor d'Madame Françoise Hetto-Gaasch an der Mettesstonn am Lycée Hubert Clement zu Esch an den Optiounsklassen Spuenesch vun der Madame Jeanine Eicher an der Diane Kremer.

No engem gudde Bréidchen mam Herr Maroldt an dem Herr Theis, ass d'Madame Hetto matt hieere Mattaarbeschterinnen dunn am Bios-Auditoire géint halwer eng matt de Schüler zesummekomm.

Unfank Mee 2010 hat de Ministère fir Chancegläichheet eng Campagne fir di Jonk gestart an d'Madame Hetto wollt elo einfach mol vun deene Jonke wëssen wat si vu Chancegläichheet denken.

Op hier éischt Fro, wat sech d'Schüler dann iwwerhaupt ënnert dem Wuert “Chancegläichheet” viirstellen si mol direkt dës Reaktiounen komm :

- datt de Patron léiwer Männer astellt wéi Fraen wëll déi Kanner kréien an dann net ëmmer do sin;
- datt d'Männer besser bezuelt ginn ewéi d'Fraen;

D'Madame Hetto ass drop agaang, datt de Ministère fir Chancegläichheet sech besonnesch fir e Mentalitéitswiessel asetze well an dru schafft, datt d'Gläichheet vu Fraen a Männer an eiser Gesellschaft iwwerall erreecht get. Dat geschitt natiirlech duerch Gesetzer, mee awer och duerch politesch Mesuren a virun allem och duerch Sensibiliséierungsaktiounen.

Als Schüler mengt ee vlaicht, bei der Entscheedung wat ee well léieren géif nëmme di perséinlech Entscheedung mattspillen, mee et spillen och Clichéen matt, viirgefaasste Meenungen, Traditiounen, also villes wat engem mol och guer net sou bewusst ass.

Jiddereen huet a séngem Kapp traditionnell Rollebiller vu Meedercher a vu Jongen, vu Fraen a vu Männer. D'Mme Hetto hëllt als Beispill datt Meedercher sech net souvill fir Technik interesséieren. Et ass effektiv esou, datt op Technik vill manner Meedercher sinn. Ass dat elo well Meedercher näischt matt Technik unzufänke wëssen? Oder leit et och dorunner, datt viirgefaasste Meenungen d'Meedercher vun Ufank unn dovunner ofhalen fir an eng technesch Richtung ze goen? Dat selwecht gëllt fir d'Jongen. Wirwat sinn nët méi Männer herno am soziale Beräich oder Gesondheetsektor oder am Enseignement ?

Och an de Schoulen ass d'Gläichheet wichteg, also och, datt méi Männer Schoulmeeschter oder Proff gin.

Em wat geht et? Et geht drëm, nët vu vireran ze soen "Dat do ass näicht fir ë Meedchen oder dat do ass näicht fir ë Jong", dat si viirgefaasste Meenungen an do wëll de Ministère fir Chancegläichhett dru "fréckelen".

D'Mentalitéiten änneren nëmmen ganz lues, an esou eng Aktioun wéi d'Campagne Echsimega soll positiv ureegen fir nozedenken. Dat ass d'Ziel dovunner.

Mentalitéiten gi natiirlech beaflosst vun deem wat mir all Dag gesinn: am Fernseh, am Kino, um Internet, an de Videoen, an de Medien am allgemengen. Och do gi mir alleguerten vu Rollebiller mattgeformt.

Ee Beispill aus Spuenien: A Spuenien waren esou vill jonk Meedercher anorektesch gin (dat heescht si hu bal guer näischt méi giess fir nëmmen nët déck ze ginn!) datt ë Gesetz gemaach gouf fir ze verbidden, datt ze dënn Meedercher kënnen eng Karrière als Modell kréien/maachen. Do gesàit een, wéi wäit Virbillen kënnen eist Liewen an Handelen beaflossen.



### Wien interesséiert sech fir waat ?

Et ginn haut nach ëmmer soi-disant tpyesch weiblech oder männlech Beruffer. Hei fällt op, datt d’Fraen sech a bestëmmte Berufszweiger konzentréieren an nët esou vill, wéi d’Männer, an enger méi breeder Palette vu Beruffer schaffen. Och do wier et awer gutt, wann an de Beruffer insgesamt méi en Equiliber wier tëscht Fraen a Männer. Dat beräichert d’gesellschaftlecht Liewen a géif verschidde Beruffer och méi valoriséieren.

Wierwat soll et beispillsweis nët méi Schoulmeeschter ginn a méi Infirmieren?  
Wirwat ginn et nët méi Informatikerinnen?

### Di selwescht Pai fir di selwescht Aarbescht

Op Meedchen oder Jong soll keen Afloss dorober hunn, ob ee manner oder méi an der Pai kritt, wann een di selwecht Aarbecht mecht.

Dat ass och zënter 1974 gesetzlech verankert.

Trotzdem gët festgestallt - net nëmmen zu Lëtzebuerg, mee eigentlech an allen Europäesche Länner -, datt Fraen fir di selwecht Aarbecht, an der selwechter Situatioun, manner verdingen an dat bis zu 14-15%. Dat ass vill an nët novollzéihbar. Och dat ass een vun den Zieler vum Chancegläichheetsministär fir dat ze änneren.

Mee et gin awer och Zeechen, datt eppes sech ännert : de congé parental deen gesetzlech viirgesin ass, fir den Elteren et ze erméiglechen e puer Méint bei hiere klenge Kanner ze bleiwen gouf virun 10 Joer nëmmen vu 6% Männer genotzt. Haut sin et awer schon 26%.

### **Interesséiert lech fir Politik !**

Et ass dofir wichteg, sech fir Politik a Gesellschaft ze interesséieren, an den Oprüf vun der Mme Hetto un d'Schüler : “Loosst net di aner fir iech décidéieren. Iwwerleet lech dat ganz gutt. Interesséiert iech fir Politik !”.

Op de Chefetagen vun de Betriber a vu groussen Organisatiounen get oft vergiess, datt am Betrieb Frae schaffen déi kompetent sin. Dofir hëlleft de Ministère fir Chancegläichheet de Betriber matt sougenannten “Actions positives” méi fir Gläichheet vu Fraen a Männer ze maachen.

Et sollt een kéng Ënnerscheeder opgrond vum Geschlecht zouloossen. Mee firwat ginn dann iwwerhaapt Ënnerscheeder gemaach ? Firwat ginn et manner Fraen am Handwierk wéi Männer ? D'Schüler méngen, datt d'Fraen sech dacks net wuel fillen, fir nëmmen matt Männer zë schaffen an si ginn net an ë bestemmte Beruf fir ze vermeiden an enger exklusiver Männerwelt ze sin. Eng aner Schülerin mengt, Fraen géifen och vläicht färten, si kéinten sech verletzten bei enger Aarbescht, wou ee Kraft brauch.

Et sinn natiirlech och ëmmer perséinlech Viirléiften, déi spillen fir deen een oder aner Beruf ze ergräifen : ee Jong mengt hie wéilt net Schoulmeeschter gin, well hien net frou matt der Schoul wier.

### **Gläichheet a Famill**

52% vun de Koppelen gin haut gescheed. Dat get oft ë Probleem wann ee vun den zwee Partner net a Punkto Kotisatiounen a Pensionrechter ofgedeckt ass. Dorun soll een beim Bestiednis denken. Wann eng Koppel gescheed get, an et si Kanner do, ass et och oft e Probleem fir si ze betréien. Do mengen ë puer Schüler, et missten méi Crècheplazen geschafe gin, speziell fir allengerzéiend Mammen (oder Pappen) an déi missten och méi finanziell ennerstëtzt gin.

### **Nei Aarbeschtsperspektiven**

No an no get et ëmmer nei Perspektiven an der Aarbeschtsorganisatioun. D'Madame Hetto wëllt beispillsweis den Télétravail méi ënnerstezen, deen et da kéint dë Pappen a Mammen erlaben vun doheem äus ze schaffen an awer bei hieere Kanner ze sinn.

D'Gesetzer verbidden, datt Fraën a Männer net gläich behandelt gin. Mee vill Leit, mengt eng Schülerin, wëssen datt nët a kennen sech och an de Gesetzer net aus. Do sollt een einfach méi driwwer schwätzen fir jiddereen ze informéieren.

### Quoten : Gläichheet erzwéngen ?

An de Verwaltungsréit sëtzen wéineg Fraen. Firwat sin et der esou wéineg ? An de nordesche Länner get et elo eng Obligatioun, datt 40% an de Verwaltungsréit vu Fraën besat musse gin. An de nordesche Länner ass fir d'éischt Drock gemaach ginn, datt d'Entreprises sech sollte fräiwelleg ëmstellen. No ë puer Joer, wéi nach emmer näischt geännert war, ass do ë Gesetz komm.

D'Ministesch wëllt vun de Schüler wëssen, wat si dovunner halen.

Et kann ee keen zwéngen, méngt ee Schüler fir sech an ë Verwaltungsrot ze mellen. Eng aner Schülerin mengt awer, et misst ee gezwonge ginn an et sollten suguer Geldstrofen ginn wa net genuch Fraën am Verwaltungsrot wieren. Fraën géifen sech einfach och oft net trauen. Als Fra muss een Selbstvertrauen opbauen. Wat ee net huet, kann een awer léieren !

E Schüler fënnt, datt een d'Fraë sollt lues a lues dorobber viirbereeden an hinnen dee néidege Bagage fir dës Funktioun ginn. Net jiddereen huet direkt déi néideg Kompetenzen fir eng Top-Positioun auszeüben. Dorobber muss een sech einfach och kenne viirbereden.



### **Wat mëcht de Ministère fir Chancegläichheet ?**

Wat mecht de Ministère soss nach, wollten d'Schüler wëssen. De Ministère fir Chancegläichheet probéiert iwwert de Wee vu Communicatioun Rollebiller vu Fraën a Männer a verstoppte Clichéen visibel ze maachen an ë Mentaltéitswiessel bei de Leit erbäizeruffen. Et gin natiirlech net nëmmen Senisibilisatiounskampagnen lancéiert, mee och eng Rei Etuden gemaach oder subventionéiert . D'Themen déi Männer a Fraë betreffen sinn op allen Niveauën

an der Gesellschaft: Schoul, Aarbescht, Famill, Gewalt doheem, Prostitutioun.... Et gin och mol ganz speziell Themen behandelt wéi den "Transgender", also Leit déi sech weder als Fra nach als Mann spieren.

D'Mme Hetto wëll wëssen ob d'Schüler fannen, datt ee Prostitutioun légaliséiere sollt.

Kann a soll een d'Prostitutioun kontrolléieren ? Et sollt een se legaliséieren a domadder kéint een se och kontrolléieren, mengen eng Rei Schüler a Schülerinnen. Bei Prostitutioun si oft Gewalt an Drogen am Spill. Di Leit déi als Prostitutiouéiert "schaffen", si jo och net sozial ofgeséichert. D'Mme Hetto sot si géif och wellen een Eros Zenter am Ausland besiche goen fir sech mol ë Bild ze maachen wéi esou eng Arichtung funktionéiert, wat Viir-an Nodeler sin.

Virwat gin d'Männer bei d'Houeren, freet eng Schülerin. Et get vill sexuell Frustratioun well och d'Verständnis an d'Kommunikatioun feelt, mengt eng Mattschülerin. D'Fraë trauen sech net, dat selwescht ze maachen. Einfach Prostitutioun ze verbidden halen d'Schüler awer fir net richtig well et dann verstoppt weidergeet , eben well et eng Demande get.

### Meedercher bewegen sech manner ewéi d'Jongen

Wéi bewegen di Jonk sech haut? Eng nei Etude weist op, datt d'Meedercher sech vill manner beweegen ewéi d'Jongen. Eng Schülerin mengt, dat hätt och matt der Erzéihung ze dinn, well Jongen e Ball an de Grapp gedréckt kréien an dann eraus spille gin, an d'Meedercher da méi matt der Popp doheem spillen. Déi ënnerschiddlech Erzéihung an d'Aktivitéiten vun deem engen oder aneren géif och matt sech bréngen, datt d'Meedercher sech dann insgesamt manner beweegen.

Futtballe kucken der vill an der Klass. Weess och jiddereen datt de Fraefuttballe och vill praktizéiert get – 2011 ass d'Futtballeweltmeeschterschaft vun de Fraën. Ee Jong mengt, hie géif vill léiwewer de Frae beim Futtballe nokucken wéi de Männer ... (hilarité générale). Fraën kënnen richtig gutt am Sport sinn : D'Mme Hetto informéiert, datt Jonglenster (déi Geméng wou si wunnt) elo houfreg ka sinn op den Doublet vun hirer Fussballe-Dammenéquipe. Déi huet nämlech Enn Mee niwt dem Championnat och nach d'Coupe de Luxembourg gewonnen. En exploit, dee leider an de Medien nët déiselwecht Verbreedung fonnt huet, wéi dat elo zum Beispill den Härefuttballe hei am Land kennt.

### Girl's Day – Boy's Day

D'Méiglechkeet fir Jongen a Meedercher een Dag am Joer an ë Betrieb ze goen an sech en „atypeschen“ Beruf unzékucken, ass zwar eng gudd Saach, mee vill

ze wéineg. D'Schüler fannen, dat misst vill méi oft sinn, zum Beispill gekoppelt matt engem Stage an der grousser Vakanz. De Girl's-Day-Boy's Day misst och op sinn fir méi jonk Schüler vun 4e oder 5e an net nëmmen grous Klassen.

### **“Maat lech elo kee Kapp !”**

Ee Schüler fënnt, dat haaptsächlich iwwer Fraë geschwat get a versteet eigentlech net wat d'Chancegläichheet soll sin. D'Mme Hetto insistéiert nach eng Kéier drop, dat de Ministère net nemmen Fraën ënnerstëtzt, mee d'Gläichheet téscht Fraën a Männer ënnerstëtzt. Dat hätt näischt matt Feminismus am negative Sënn ze dinn.

### **Wat ass Feminismus?**

Eng Schülerin mengt, dat een Feminismus net kann als eppes Negatives ukucken. Di jonk Generatioun géif dat net esou verstoen. Et huet absolut näischt matt Männerfeindlechkeet ze dinn, mee heescht, dat een sech fir Chancegläichheet asetzt. D'Mme Hetto vertritt dee Standpunkt och. Si begéint leider och Fraën déi nemmen d'Fraën an dë Mettlepunkt stellen. Mee d'Ministes hällt et fir absolut wichteg, dat och Männer matt hie Probleemer a Suergen an d'Aarbecht vum Gläichstellungsministère abezunn ginn.

Ob d'Schüler d'Gefill hätten, d'Meedercher wieren an der Klass bevirdelegt, wëll d'Mme Hetto wëssen. Do sinn d'Schüler awer all der Meenung, dat dat net esou ass. Ee Jong mengt, vun de Jongen géif een erwaarden, dat si sech méi behaupten an dofir wieren si vläicht méi „wibbeleg“ wéi d'Meedercher. Wéi wäit behuelen di eng sech anescht wéi di Aner ? Vläch kënne sech Meedercher méi einfach mattdeelen wéi Jongen. Et ass eng interessant Fro.

### **Dat heiten méi oft maachen!**

D'Schüler fannen, dat een esouë Gespréich méi oft sollt féieren dat ass vill méi konkret an et get ee méi Saache gewuer wéi wann dat ëmmer nëmmen um Pabeier steet.





D'Mme Hetto seet Merci fir dat flott Gespréich a ríft jiddereen op fir sech méi an der Gesellschaft ze engagieren, wéi zum Beispill am Jugendparlament. Do steet och eng Informatioun doriwwer um Site [echsimega.lu](http://echsimega.lu).